Le caractère urgent de la question a été reconnu (10.03.2021)

n° 3814

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:42, 10/03/2021

Lëtzebuerg, den 10/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Zu Duisburg gëtt et ee Pilot-Projet mat deem iwwereg bliwwen Impfdosissen um Enn vum Dag verschafft solle ginn. Duerch eng App schéckt den Impfzenter SMSen u Leit, falls Dosissen iwwreg bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kënnt et zu Lëtzebuerg fir, dass Impfdosissen um Enn vum Dag ewechgehäit ginn, well Flaconen ugebrach sinn a keng weider Leit deen Dag Rendez-vous fir eng Impfung hunn?

2. Falls jo, viséiert d'Regierung, fir een änleche System opzestellen, mat dem een Owes per SMS géing déi Leit invitéieren, déi als nächst un der Réi wiere, fir nach deen Dag eng Impfung ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 11:21, 11/03/2021

Luxembourg, le 11 mars 2021

**Réf. :** 837x294ec

**Concerne**: Question parlementaire urgente n°3814 du 10 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'Etat et de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3814 du 10 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les « Vaccins inutilisés ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette Lenert**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'Etat à la question parlementaire urgente n°3814 du 10 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les « Vaccins inutilisés ».**

Fir ze évitéieren datt um Enn vum Dag Impfdosen mussen ewech geworf ginn ass eng Prozedur ausgeschafft ginn déi bis elo gutt funktionéiert huet esou datt d'Reschtdose konnte verschafft ginn. Dës Prozedur huet e puer Etappen:

- Reschtdosen ginn Owes als éischt dem Personal am Impfzenter proposéiert dat zu der prioritärer Kategorie, do derno dem Personal dat net zu der prioritärer Kategorie, gehéiert ugebueden
- Do derno kënnen d'Reschtdosen u Leit aus de prioritäre Kategorien proposéiert ginn déi net am Impfzenter schaffen
- De Responsable vum Impfzenter kann och dem 112 uruffen fir ze kucken ob Ambulancier'en an der Géigend sinn déi jo zu der prioritärer Impfgrupp gehéieren.
- Wann do derno nach ëmmer eng Dosis Rescht wier kann de Responsable vum Impfzenter Persoune kontaktéieren déi net an déi viirecht genannte Kategorien falen. Dës Persounen dierf kee familiäre Lien mat dem Responsablen, dem Apdikter, dem administrative Coordinateur an dem Représentant vun der Gemeng an dem jeweilegen Impfzenter hunn.